# HAMMEREL JOSEPH

* 02.03.1922 zu UESCHDRËF
an zu STROOSSEN, 9, Kiirchepad gewunnt.

1941 Student am Kolléisch zu Lëtzebuerg (II[e])

1941 Den 01.10.1941 vun der GESTAPO verhaft, fir d'éischt an d'„Villa Seligmann" zu Esch/Uelzecht, dun an de Prisong vum Stad-Gronn.

1941 Den 28.11.1941 vum „Sondergericht" Lëtzebuerg wéinst „separatistischer Kundgebung" zu engem Joer Prisong veruurtelt.

De 04.12.1941 an d'„Jugendgefängnis" op WITTLICH (Däitschland) iwwerfouert.

1941 Duurch Schreiwes vum 08.12.1941 vum SS-Direkter aus dem Kolléisch as en aus der Schoul ausgeschloss gin.

1942 Durch d'Amnestie vum Gauleiter Gustav SIMON vum 14.08.1942 as en éischter aus dem Prisong entlooss gin (e krut 42 Deeg geschenkt).

1943 De 17.02.1943 gouf en dun an den R.A.D. (Reichsarbeitsdienst) agezun, an zwar no LEIPE a Westpreussen fir eng Dauer vun 3 Méint, bis zum 13.05.1943.

1943 Knaps eng Woch méi speit, den 20.05.1943, as en dun an d'Wehrmacht agezun gin (nodeem en zwar veruurtelt gi war, nët méi wierdeg ze sin d'„Ehrenkleid" vun der Wehrmacht ze dron) an eng Kasär zu GUMBINNEN (ca. 8 Deeg), vun do direkt an de Partisanenasaz no MINSK / STOLPZE / KOLODISCHTSCHI.
Feldpostnummer: Grenadier – 18740 D

1943 Den 01.10.1943 as e gezwonge gin (waarscheinlech wéinst sénge Studien) een Ënneroffizéier-Cours matzemaachen.

1944 Dun endlech vum 02.03 bis 25.03.1944 Urlaub doheem zu Lëtzebuerg.

1944 De 25.03.1944 erëm zréck vu Lëtzebuerg un d'Front, an zwar iwwer Metz – Saarbrécken – Kaiserslautern – Ludwigshafen – Worms – Darmstadt – Hanau (ëm Frankfurt erëm, well alles zerstéiert war) no Fulda – Eisenach – Erfurt – Weimar – Leipzig – Dresden – Görlitz dun iwwer Tarnow op Debica (26.03.1944). Laut Ausso vum „Bahnhofsoffizier" war séng Divisioun zu LEMBERG (= LVOV).
Feldpostnummer: Grenadier – 18740 D

Vun Debica weidergefuer a muergens géint 7.30 Auer zu LEMBERG ukomm.

Nodeem datt déi bei TERNOPOL opgeriwen Divisioun erëm frësch zesumme gesat war (ca. 100 Mann, a vum Josy séngem Grupp nëmme méi 9) sin se weidergefuer no STRYJ (31.03.1944).
Feldpostnummer: Grenadier – 18740 D

1944 Den 02.04.1944 as dun de Rescht vun der Divisioun mat engem Persounenzug zu STANISLAU (IVANO-FRANKOVSK) ukomm (laut Josy eng ganz schéi Stad).

07.04.1944 = Karfreideg

1944 Du goung d'Gerees un: den 13.04.1944 vu Stanislau no MILOWANIC (ca. 15 km nordöstlich vu Stanislau). Den 21.04.1944 erëm zréck op Stanislau an du schon erëm de 26.04.1944 no JEZUPIL, wou dun erëm eng nei Kompanie zesummegesat gouf.
(Endlech déi éischt Post vun doheem, an zwar 5 Bréif: vum 28. an 29.03., a vum 05., 06. an 12.04.1944).

1944 Den 03.05.1944 erëm fort op eng nei Stellung no ZADWOZDZ, a vun do fort den 11.05.44 op d'Duerf HOROCHOLYNA

Den 21.05.1944 = schon ee Joer Zaldot –
Feldpostnummer: Grenadier – 18740 D

1944 Den 28.05.1944 erëm eng nei Stellung bezun zu HOLOSKOW

1944 Erëm gezwongen, e „Kriegslehrgang" fir Ënneroffizéier matzemaachen, an zwar no enger Rees vu 4 Deeg; iwwer Stanislau – Lemberg – Przemys sin se zu MESERITZ (östlich vu Berlin) ukomm.
(Stamm-kp-G.E.B. – 188 (2) Meseritz/Kaserne)
Den 01.05.1944 as en zum Gefreiten avancéiert.
Feldpostnummer: onverännert.

Schon den 01.06.1944 as en dun Ënneroffizéier genannt gin.

1944 Duurch den Doud vu séngem Brudder Robert, gestuerwen den 02.07.1944 zu Stroossen (19 Joer), krut en e Sonderurlaub vun 3 Deeg fir d'Begriefnis. Den 08.07.1944 erëm zeréck op Meseritz (Bréif vum 09.07.44).

Den 11.07.1944 huet dun dee Lehrgang definitiv zu WARTHELAGER (BIEDRUSKO) ugefaang (18 km nördlich vu Posen)
Nei FP-No.: Schule V für FHJ der Inf. 3. Inspektion – 2. Abtlg. (6)